

# Regulus Junior-Club

## Programm

## Januar – Mäerz 2026





natur&ëmwelt a.s.b.l.

**Regulus Junior-Club**
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
Tel.: 29 04 04 -1 Fax: 29 05 04
jugend@naturemwelt.lu
**www.naturemwelt.lu**

# Donneschdes, den 15. Januar 2026

# Feierkids

Fir d'éischt baue mir eis mat Äscht eng gemittlech Bëschfautell an da maache mir an der Mëtt e Feier, wat mir selwer ufänken, sou wéi d'Leit an der Steenzäit dat scho gemaach hunn.
Um Feier bereede mir eppes Leckeres zou fir z'iessen an ze drénken.




**<u>Auerzäit</u>:**
14.30-17.00 Auer

**<u>Treffpunkt</u>:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*



**<u>Alter:</u>**
6 bis 12 Joer

**<u>Onkäschten:</u>** 6 €



Dënschdes, den 27. Januar 2026



# Déieregeheimnisser am Wanterbësch

Zesummen entdecke mir wéi d'Déieren an der Keelt an eventuell Schnéi déi Wanterzäit erliewen. Mir probéieren d'Wantergeheimnisser ze léiften a léieren d'Iwwerliewenskënschtler vum Bësch kennen andeems mir op d'Sich no hire Spuere ginn.






**Auerzäit:**
14.30-16.30 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*


**Alter:**
6 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 6 €



## Donneschdes, den 5. Februar 2026

# Vullendetektiven




Wéi kleng Fuerscher erliewe mir deen Nomëtteg, wéi d’Vulleberéngung funktionéiert – secher, behutsam an ënnert der Leedung vun engem Expert. Mir entdecke firwat d’Réng sou wichteg fir de Vulleschutz sinn, kennen d’Vulle vu ganz no beobachten a léiere wéi d’Wëssenschaftler d’Geheimnisser vun hire Wanderungen entschlësselen.





**Auerzäit:**
14.30-16.30 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*



**Alter:**
8 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 6 €

Samschdes, de 14. bis Sonndes, de 22. Februar 2026



# Natur, Spaass a Spill

## am Biodiversum

An der Fuesvakanz hutt dir d'Méiglechkeet vill flott Workshoppen am Biodiversum zu Remerschen ze entdecken. Et ginn och op verschidden Deeg Gesellschaftsspiller gespillt.

Fir de genaue Programm kennen är Elteren op www.biodiversum.lu kucken oder en Email maachen un: biodiversum@anf.etat.lu.







## Mëttwochs, den 18. Februar 2026



# Bauen fir d'Natur

## am Biodiversum

Op dësem Nomëtteg hutt dir d'Geleeënheet eppes Nohalteges a Flottes fir d'Natur ze bauen.
Ob et eppes fir Vullen, Fliedermais oder Insekten ass, dat bleift iech iwwerlooss.
Dir kennt tëschent 14.00 a 17.00 Auer laanscht komme mat vill Loscht a Freed.





**Treffpunkt:**
Remerschen,
*Biodiversum*

**Alter:**
6 bis 12 Joer







**Donneschdes, den 5. Mäerz 2026**

# Mam Pakiesel ënnerwee!

Hues du Loscht de Bësch op eng besonnesch Aart a Weis ze entdecken? Da bass du hei genau richteg well mir gi mam Pakiesel op eng Wanderung. Fir d'alleréischt entdecke mir Interessantes iwwert d'Ieselen. Tockskäppeg wéi een Iesel ? Guer net! Mat den Iesele léisst sech flott schaffen. Mir reiden den Iesel net, mee mir féieren hien duerch de Bësch!






**Auerzäit:**
14.30-17.00 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*

**Alter:**
6 bis 9 Joer

**Onkäschten:** 6 €






Dënschdes, den 17. Mäerz 2026



# Missioun Krabbelhotel



Dir gitt un deem Nomëtteg zu Naturagenten a gitt op d'Missioun Krabbelhotel. Zesummen entdecke mir, wéi eng Insekten een Doheem brauchen, sammele Material aus der Natur a bauen en eegenen Insektenhotel.
Dobäi fanne mir eraus wéi wichteg d'Beien, d'Käferen & Co. fir d'Ëmwelt sinn – a wéi mir hinnen hëllefe kennen.



**Auerzäit:**
14.30-17.00 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*




**Alter:**
6 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 8 €

Donneschdes, den 26. Mäerz 2026

# Möllechpiraten

Op dem Haff vum Ad a Gerty entdecke mir wéi e moderne Möllechbetrieb geféiert gëtt a pake selwer mat un: mir kucken no de Källefcher, stelle Fudderratiounen fir d'Kéi zesummen a fidderen se. Außerdem léiere mir eppes iwwert de Sënn an Zweck vun de landwirtschaftleche Maschinnen.






**Auerzäit:**
14.30-17.00 Auer

**Treffpunkt:**
Fentange
*De neien Haff*

**Alter:**
8 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 8 €



Samschdes, den 27. bis Sonndes, den 28. Juni 2026

# Fliedermausnuecht

Deen Owend dréit sech alles ëm d'Fliedermaus. Iwwernuecht gëtt am Mariendall am Centre de Jeunesse.

**Dauer:**
Samschdes Owes (17.00 Auer) bis Sonndes Mëttes (14.00 Auer)

**Treffpunkt:**
Centre de Jeunesse am Mariendall

**Alter:**
8 – 12 Joer

**Onkäschten:** 75 €



**Responsabel sinn:**
Yasmin Kuntz
Tessy Closter (621 27 00 65)
Eleni Wirthor

Méindes, den 27. bis Freides, de 31. Juli 2026

# Camp écologique



## am Naturpark Our



Mir erfuerschen d'Natur an d'Biodiversitéit am Naturpark Our. Mir wäerten eng spannend Woch erliewe mat ville flotten Aktivitéiten. Iwwernuecht gëtt am „Centre écologique et touristique Parc Housen".





**Alter:**
8 – 12 Joer

**Onkäschten:**
260 €
(bei Geschwëster ass d'Participatioun fir all weidert Kand nëmmen 180 €)







Numm: ________________________________________

Numm (Mamm) ________________________________________

Numm (Papp) ________________________________________

Adress: ________________________________________

Uertschaft: ________________________________________

Gebuertsdatum: ________________

GSM (Mamm): ____________________ GSM (Papp): ____________________

Mails: ________________________________________

________________________________________

mellt sech u fir: (ukräize w.e.g. an zeréckschécken oder mailen un de Regulus Junior-Club bis den **06.01.2026**)

- O **Feierkids**
  **15.01.2026**
- O **Déieregeheimnisser ……**
  **27.01.2026**
- O **Vullendetektiven**
  **05.02.2026**
- O **Bauen fir d'Natur**
  **18.02.2026**
- O **Mam Pakiesel ënnerwee**
  **05.03.2026**
- O **Missioun Krabbelhotel**
  **17.03.2026**
- O **Méllechpiraten**
  **26.03.2026**
- O **Fliedermausnuecht 2026**
  **27. – 28.06.2026**
- O **Camp écologique 2026**
  **27.07. – 31.07.2026**

Fir d'Aktivitéiten, wou mir deng Participatioun zeréckbehalen hunn, kriss du eng Bestätegung per Flyer!

---

natur&ëmwelt a.s.b.l.

Regulus Junior-Club
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
Tel.: 29 04 04 -1
jugend@naturemwelt.lu
www.naturemwelt.lu